



An der Commission des Médias et des Communications ersetzt den Här David Wagner den Här Ben Polidori.

An der Commission de la Fonction publique ersetzt den Här David Wagner den Här Ben Polidori an den Här Mars Di Bartolomeo an den Här Ben Polidori ersetzen d'Madamm Liz Braz an d'Madamm Paulette Lenert.

An der Commission de la Culture ersetzt d'Madamm Nathalie Morgenthaler den Här Ben Polidori.

An der Commission de Vérification des Pouvoirs ersetzt den Här Jeff Boonen den Här Max Hengel an den Här Gilles Baum ersetzt den Här David Wagner.

Elo hoffen ech, datt Der alles matkritt hutt an datt och alles richteg war.

(Hilarité)

Dofir ass meng éischt Fro: Gëtt et nach iergendwellech zousätzlech Ännierungsvirschléi?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Ass d'Chamber also mat dësen Ännernungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 9. Changement de composition d'une délégation luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale

An da komme mer zu engem änleche Punkt, deen awer méi kuerz ass. Do geet et ém d'Zesummeszung vun de parlamentareschen Delegatiounen. An do ass mer follgend Ofännerung matgedeelt ginn: An der Délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'Union pour la Méditerranée ersetzt d'Madamm Octavie Modert den Här Max Hengel als effektive Member an den Här Ricardo Marques ersetzt d'Madamm Octavie Modert als Membre suppléant.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännierungsvirschléi?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Ass d'Chamber also mat dësen Ännernungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 10. Dépôt d'une résolution par M. Gusty Graas

Dann hat ech nach gesot kritt, et géing nach ee wëllen eng Motioun hei erabréngen. Ass dat de Fall, Här Graas?

**M. Gusty Graas** (DP), auteur | Eng Resolutioun.

**M. Claude Wiseler**, Président | Eng Resolutioun. Wann dat de Fall ass, Här Graas, dann hutt Dir elo d'Wuert, fir dat ze maachen.

**Exposé**

**M. Gusty Graas** (DP), auteur | Merci, Här President. Effektiv ass et eng Resolutioun ...

**Plusieurs voix** | De Mikro.

**M. Gusty Graas** (DP), auteur | Dat ass awer nei, datt een dee muss selwer umaachen, oder wéi?

(Hilarité)

Merci, Här President. Effektiv hunn ech eng Resolutioun am Numm vun der Majoritéit hei virbereet, déi

ech och wollt presentéieren. An et geet ém déi recent Walen a Venezuela, wou mer jo alleguer matkritt hunn, wéi d'Resultat herno ausgefall ass. Mir hunn och matkritt iwver eng ganz Rei kritesch Äusserungen, datt déi Walen alles aneschters wéi demokratesch ofgelaft sinn.

Ech wëll elo net d'Resolutioun hei am Detail presentéieren, well ech elo mat eenzelle Kollegegen hei ausgemaach hunn, Här President – wann dat och an Ärem Sënn ass –, datt ech se haut hei just deposiéieren. An da géinge mer se gegebenfalls zu engem spéideren Zäitpunkt dann hei diskutéieren.

Just esou vill: Et geet drëms, wéi gesot, fir déi Walen a Fro ze stellen, u sech och als Chamber ze weisen, datt mir net dermat d'accord sinn, wéi hei an engem Land Walen ofgehale ginn, datt mer och der Meenung sinn, datt déi Wale müssen u sech genee analyséiert ginn, ob se de Règles de l'art entsprach hunn, wat een natierlech an deem Land do net kann esou gesinn, an datt och de Vertriebler vun der Oppositioun jo am Fong geholl huet müssen an den Exil goen an datt och elo d'Vertrieblerin vun der Oppositioun, d'Madamm Machado, huet praktesch müssen énnerdauchen, well se gewot huet, eeben och de System vum Här Maduro a Fro ze stellen.

An dowéinst, Här President, ech hunn zwar elo den Original net hei, mee dee bréngen ech Iech awer nodréiglech erop. Ech soen och all deene Kollege Merci, déi se énnerschriwwen hunn. D'Kollege vun der Sozialistescher Aarbechterpartei hu mer gesot, dass se se géingen énnerstëtzten, mee se géinge se net énnerschreiven. Dat ass hiert gutt Recht. Ech mengen, soss huet jiddweree se heibannen ... A nee, déi lénk Kollegegen, ech weess net, ob déi och wëlles hunn ze énnerschreiven.

(Interruption par M. David Wagner)

Nee, och net? Ok.

(Hilarité)

Mee bon, et ass egal. Ech mengen, ech wäert se an deem Sënn deposiéieren an, Här President, et läit jo dann an Ärer Hand, wéini datt mer se dann hei diskutéieren.

Merci.

**Résolution**

« relative à la crise postélectorale au Venezuela suite aux présidentielles du 28 juillet 2024 »

*La Chambre des Députés,*

– considérant que l'élection présidentielle s'est tenue au Venezuela le 28 juillet 2024 pour le prochain mandat de six ans commençant le 10 janvier 2025 ;

– considérant que Madame María Corina Machado avait été élue candidate de l'opposition au régime avec 92,35 % des voix ;

– considérant que le régime Maduro l'a écartée en tant que candidate aux élections pour des raisons arbitraires et politiques ;

– appréciant que María Corina Machado a préservé l'unité de l'opposition démocratique au régime en apportant son soutien à une autre candidate, qui s'est également vu interdire la participation aux élections, et finalement à Monsieur Edmundo González Urrutia, candidat officiel aux présidentielles vénézuéliennes ;

– considérant que le régime actuel poursuit de manière continue et méthodique une stratégie généralisée de répression, d'harcèlement, de persécution et d'arrestation contre la population vénézuélienne, y inclus la jeunesse vénézuélienne ainsi que l'espace démocratique ;

– constatant que ces efforts de répression visent plus particulièrement encore des militants de l'opposition, des

défenseurs des droits humains, des journalistes ainsi que des membres d'équipe de campagne de la cheffe de l'opposition María Corina Machado ;

– considérant que l'opposition démocratique au régime a réussi à obtenir 83,5 % des feuilles de dépouillement officielles et que, partant, l'élection a été remportée par Monsieur Edmundo González Urrutia avec une majorité importante des votes ;

– sachant que le rapport du groupe d'experts des Nations Unies sur l'élection confirme ces documents avancés par l'opposition ;

– soucieux que, suite aux activités oppressives par le régime Maduro, Monsieur Edmundo González Urrutia a été contraint de s'exiler après l'émission d'un mandat d'arrêt le concernant, et que Madame María Corina Machado est actuellement forcée de vivre dans la clandestinité,

– à faire tout son possible pour que le président légitime puisse prendre ses fonctions le 10 janvier 2025 ;

– à exiger que les autorités vénézuéliennes publient les résultats de vote de manière transparente et complète ;

– à condamner et dénoncer la fraude électorale organisée par le Conseil national électoral (« CNE ») ;

– à œuvrer pour une cessation immédiate des actes de répression, de la persécution et des arrestations de la population civile autant que des défenseurs de l'opposition ;

– à s'engager pour une libération des détenus dans le plus bref délai.

(s.) *Gusty Graas, Sven Clement, Fred Keup, Marc Spautz, Sam Tanson.*

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen Iech vill-mools Merci, Här Graas.

## 11. Dépôt d'une proposition de loi par M. Franz Fayot

An da géinge mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass eng Heure d'actualité iwwert den Dossier Caritas, déi ugefrot ginn ass vun der Sensibilitéit vun deene Gréngéen. Ech war virdrun nach gefrot ginn, fir en Depot vun engem Projet de loi kënnen ze maachen, an ech wollt dat an deem Kader och nach zoulouassen. Den Här Fayot huet also fir den Depot vun engem Projet de loi d'Wuert gefrot.

**Plusieurs voix** | Proposition de loi.

**M. Claude Wiseler**, Président | ... vun engen Proposition de loi d'Wuert gefrot.

**Exposé**

**M. Franz Fayot** (LSAP), auteur | Merci, Här President. Jo, schéi wier et, wann ech nach kéint Projet-de-loien deposéieren, ...

(Hilarité)

... mee dat sinn elo leider Propositions ...

(Interruption)

Voilà, mee dofir maache mer elo Proposition-de-loien. Dat ass och flott.

Ech deposéieren effektiv gären eng Proposition de loi, déi als Zil huet, déi Stëftungen an Associationen, déi Done vum Public an/oder öffentlech Gelder kréie vum Staat, méi strenge Reegelen ze énnerwerfe bei der Approbatioun vu Virementen oder aneren Transaktiounen, déi hir Avoire betreffen. Et ass a mengen Aen eng Faille, déi et an deem Gesetz vum 7. August 2023 gëtt, dass et do kee spezielle Kader gëtt. Evidemment ass hei den Hannergrond vun déser Proposition de loi d'Affär Caritas.



Et geet bei dëser Proposition de loi engersäits drëm, d'Vertraue vun de Leit dobaussen an de karitative Secteur, dat, muss ee soen, staark gelidden huet ennert dëser Affär, erëm doduerch opzebauern, dass een d'Gouvernance méi strikt encadréiert – insbesonnesch, wéi gesot, bei Payementer – duerch verschidde Reegle vun zwee, véier an aacht Aen, Dispositif, fir eeben an Zukunft esou eng ongeheierlech kriminell Dot wéi déi, déi bei Caritas geschitt ass, on-méiglech ze maachen.

An ech hoffen, dass dës Gesetzespropositioun ka konstruktiv diskutéiert ginn, och am Dialog mat der Regierung. Ech weess, dass de Premier jo an Aussicht gestallt huet, dass souwuel d'Justizministesch wéi och de Finanzminister do géifen u Verbesserunge schaffen. An et geet eis hei wierklech drëm – abstraction faite vun allen Diskussiounen an och den Divergenzen, déi ee vläicht kann hunn zu der Affär Caritas –, fir hei konstruktiv ze schaffen, fir dass mer eng méi zolidd Gouvernance kréie bei deenen Associatiounen a Stéftungen, déi, wéi gesot, oft mat ganz ville Gelder émginn.

Voilà, Här President. Da géif ech Iech heimadde dës Proposition de loi deposéieren.

8447 – *Proposition de loi concernant la gouvernance financière d'organisations et fondations gérant des deniers publics et modifiant :*

– la loi du 7 août 2023 sur les associations et fondations ;  
– la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP), auteur | Ech hunn och elo nach eng Motioun. Ech weess net, ob ech déi och nach soll presentéieren oder ob ech dat duerno soll maachen, Här President.

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat ass elo, wéi Dir wéllt. Ech weess net, zu wat fir engem Sujet déi soll deposéiert ginn.

## 12. Dépôt d'une motion par M. Franz Fayot

**M. Franz Fayot** (LSAP), auteur | Jo, da maachen ech dat an engems, well dat gehéiert och e bëssen dozou.

### Exposé

Wéi gesot, se huet och mat Caritas ze dinn, och am Kader vun dähr Heure d'actualité, déi elo kénnt.

Mir hunn hei eng Motioun verfaasst, fir d'Regierung ze invitáieren, fir am Fong eppes ze maachen, wat et och an anere Länner gétt, wéi zum Beispill an Däitschland. Do gétt et e Code de bonne conduite vun Associatiounen a Stéftungen, deen u sech muss adoptéiert ginn, wann déi Stéftunge Konventiounen mam Staat maachen. An dofir géife mer d'Regierung gären invitáieren, fir och esou e Code de gouvernance ze élaboréieren an deen dann och an Zukunft an déi Konventiounen, déi gemaach gi mat karitativen Organisatiounen, par référence ze intégréieren duerch Clauses de bonne gouvernance, déi dann an déi Konventiounen géifen intégréiert ginn. Och hei, wéi gesot, eng Mesür, fir erëm d'Vertrauen an dëse karitative Secteur och no baussen hi weider ze stäärken an och erëm e bëssen opzebauern.

### Motion

*La Chambre des Députés,*

– vu que la loi du 7 août 2023 sur les associations sans but lucratif et les fondations ne prévoit pas de dispositions relatives aux règles de gouvernance financière de ces entités ;

– relevant que l'affaire « Caritas » a exposé la vulnérabilité du secteur associatif et caritatif à des risques majeurs tels que le détournement de fonds, provoquant une crise de confiance dans un secteur crucial pour l'aide aux plus démunis ;

– notant les normes exemplaires et les recommandations de la Directive du Gouvernement fédéral allemand sur la prévention de la corruption dans l'administration fédérale<sup>1</sup>, qui s'applique également, mutatis mutandis, aux personnes morales de droit public ou privé dans lesquelles seule la République fédérale d'Allemagne détient une participation ;

– constatant l'absence de clauses contractuelles exigeant une analyse de risque approfondie des structures organisationnelles, du flux de travail et de la gestion financière dans les conventions de financement étatiques conclues avec les associations ou les fondations ;

– sachant que l'intégration de telles mesures au Luxembourg renforcerait la transparence et la responsabilité dans l'utilisation des fonds publics ainsi que la confiance des citoyens envers ces entités au long terme,

invite le Gouvernement

– à vérifier la mise en place des exigences de conformité et de lutte contre la corruption dans les conventions conclues avec les associations et fondations, comprenant une analyse de risque des structures organisationnelles, la gestion des flux de travail, et les contrôles financiers, en s'alignant sur les meilleures pratiques internationales comme celles de l'Allemagne ;

– à renforcer la transparence et la responsabilité dans la gestion des fonds publics par l'intégration de ces standards dans les politiques de gouvernance des associations et fondations, dans le but de restaurer et de maintenir la confiance du public dans ce secteur vital.

<sup>1</sup> Richtlinie der Bundesregierung zur Korruptionsprävention in der Bundesverwaltung

(s.) Franz Fayot, Dan Biancalana, Taina Bofferding, Claire Delcourt.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot. Ech ginn dervunner aus, datt Der dës Motioun wéllt diskutéiere loessen am Kader vun dëser Heure d'actualité iwvert d'Caritas.

**M. Franz Fayot** (LSAP), auteur | Ech mengen, dat géif Senn maachen, jo.

**M. Claude Wiseler**, Président | Ok, merci.

**M. Franz Fayot** (LSAP), auteur | Merci villmoos.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot.

## 13. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi gréng au sujet du dossier Caritas

Da komme mer elo zum effektiven Ufank vun dëser Aktualitéitsstonn iwvert de Caritas-Dossier, déi déi politesch Sensibilitéit vun déi gréng ugeotrot huet. D'Riedézaït ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalen. Den Auteure – oder an désem Fall d'Auteure – vun der Aktualitéitsstonn huet 10 Minuten, déi eenzel Fraktiouen a Sensibilitéité 5 Minuten, d'Regierung 15 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Djuna Bernard als Vertrieberin vun der politischer Sensibilitéit déi gréng. Madamm Bernard.

### Exposé

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här Chambers-president, Vertrieber aus der Regierung, l'é

Kolleeginnen a Kollegegen, virun net grad dräi Méint, den 19. Juli, ass d'Effentlechkeet gewuer ginn, dass 61 Milliouen Euro bei der Caritas geklaut goufen. Eng kriminell Dot, déi émsou méi onerklärlech an onverzilech ass, well Sue geklaut goufen, déi fir déi Äermst hei am Land an an der Welt geduecht waren.

Säitdeem hate mer dräi Chamberskommissiounen, déi wéinst de Majoritéitsparteien net iwwerdroe gi sinn. Eis war et en Uleies, dëse Sujet, deen d'Land säit dräi Méint beschäftegt a wou métterweil zwar wuel Fakte geschaf goufen, awer émmer nach vill Froen opstinn, dëst Theema hei an aller Transparenz ze debattéieren, wuel wéssend, dass säitens der Police an der Justiz a glächzäiteg der CSSF an der Europäischer Zentralbank Enquête lafen. Här Premierminister, Dir sot zwar an Interviewen, dass all Froe beäntwert gi wären, ech mengen, et wäert Iech awer hoffentlech net iwwerraschen, dass mir dat e bëssen anescht gesinn.

Fir eis ass et wichtig, an de follgende Minuten erauszeschaffen, wou Schlüsselmomenter an der Krisegestioen waren, wéi eng Decisioun geholl goufen a wéi eng mir deemno wéi anescht gemaach hätten. An och fir d'Zukunft stelle sech nach émmer eng ganz Rei kruzial Froen, wou mer Äntwerften erwaarden.

De 24. Juli souze mer déi éischte Kéier heibannen ze summen. Dir sot kloer: „D'Caritas ass net de Staat, et ass hire Problem, si kréie kee Cent méi.“ Dir hutt ausserdem onmëssverständlech kloergemaach, dass der kee Vertrauen an d'Gouvernance vun der Caritas hätt. Dir hutt – bewosst oder onbewosst – vermettelt, dass d'Caritas Täter wär an net Affer an dass Dir zwar d'Aktivitéité rette wéilt, mee net d'Caritas, déi jo souwisou némmen en Déngschtleeschter fir de Staat wär.

Dat ass eiser Meenung no net némmen e bësser kuerz geograff, mee énnesträicht och déi politesch Keelt, wann et ém Decisioun geet, wou d'Häerz matspille misst. Émmerhin huet d'Caritas säit Joerzéngten Aktivitéiten iwwerholl, déi soss de Staat misst selwer maachen. Mir schwätzen net émoss vum Parastaat. A mir schwätzen hei vun enger vun deenen eelsten Organisatiounen aus dem Land, déi wäit méi gemaach huet, wéi Staatsopträg auszefällen.

Vun Ufank un hutt Dir, Här Premierminister, de Lead iwwerholl, fir dës Kris ze managen. Mee dofir muss ee mat de Leit schwätzen an zesumme Léisungswee'r ausschaffen.

Dofir hei meng éischte Froen, Här Frieden: Mat weem gouf dann elo geschwat? Ween huet decidéiert, ween am Krisekomitee sëtzzt? De Gros vun de Membere si jo awer CA-Membere vun der Caritas, deenen Der net méi vertraut hutt. Ween huet den Här Billon proposéiert? Ween huet d'Decisioun getraff, fir PwC mat eranzehuelen, déi d'ailleurs ni eng Ausschreibung hu misse matmaachen? A wee war Interlocuteur vum Comité de suivi, wou et ém potenziell Léisunge fir d'Erlahe vun den Aktivitéité gaangen ass?

Ufank August schéngt mer en éischte wichtegen Zäitpunkt gewiescht ze sinn, wou Léisunge fir dës Kris ausgeschafft goufen. Wisou gouf sech hei net mat der Kierch, dem Krisekomitee oder dem CA vun der Caritas un en Dësch gesat?

Zu dësem Zäitpunkt hätt een eiser Meenung no follgend Zenarie misse préïwen:

Zenario 1: Huet d'Caritas wierklech müssen zur Bad Bank ginn? Haut wësse mer, dass Avis-juridique virleien, déi Pisten opzeechnen, wéi d'Caritas awer Sue vum Staat kréie kann. Hätt een dést net éischter kenne maachen, mat manner Zäitrock. Hätt et net missen Är éischte Prioritéit sinn, fir ze kucken, dass d'Caritas hätt kenne bestoe bleiwen, esou wéi